# Discours de Madame Nora BACK,

**présidente de la CSL**

**lors de l'Assemblée plénière constituante de la CSL du 18 juin 2024**

*- seul le discours prononcé fait foi -*

Här Minister,

Léif Mataarbechterinnen a Mataarbechter aus dem Aarbechtsministère,

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

Ech soen iech e grousse Merci fir dat Vertraue wat der mer op en Neits geschenkt hutt fir eng zweete Kéier Präsidentin vun der CSL gewielt ze ginn.

Ech ka lo vläit soen dass et des Kéier e bësse manner iwwerraschend komm ass wéi di éischte Kéier, mee ech sinn duerfir awer net manner frou an och net manner houfreg.

Di leschte 5 Joer, déi natierlech deelweis schwiereg ware fir eis alleguerten – ech erënnere just u Corona an un d'Energiekris - , trotzdeem war et fir mech ëmmer eng grouss Freed dierfe Präsidentin vun der CSL ze sinn.

An et war och ëmmer eng flott Zesummenaarbecht mam Staff vun der CSL an natierlech och mat alle gewielte Membren vun der CSL. Duerfir hinnen alleguer vun dëser Plaz aus och nach eng Kéier e grousse Merci.

Vill vun hinne si jo och des Kéier rëm derbäi. All hinnen a virun allem och all deenen Neigewielten déi di éischte Kéier derbäi sinn, och nach eng Kéier meng häerzlech Gléckwënsch zu hirer Wal als Member vun der CSL.

E grousse Merci och nach eng Kéier un den Aarbechtsminister an u seng Equipe fir d'Organisatioun vun de Walen. Si haten eng Heedenaarbecht an hu missten honnertdausenden Walziedelen an Enveloppen paken, se erëm auspaken an auszielen.

Et war eng gutt Collaboratioun och mam Staff vun der CSL an si haten eng grouss Reaktivitéit och wa Froe ware vun de Gewerkschaften. Dat huet eis wierklech gehollef.

Mee mir sinn eis awer eens dass mer eng Rei Saache mussen iwwerschaffen, well awer net alles optimal ass. Dat ass lo natierlech kéngem hei seng Schold, mee dat léit un der Prozedur. Mir mussen eis an deenen nächste Wochen a Méint zesummesetzen fir iwwert d'Walprozedur ze schwätzen an se ze reforméieren.

Si ass deelweis administrativ extrem opwendeg fir d'Gewerkschaften a fir de Ministère, si ass och logistesch bal net méi ze packe fir de Ministère an si ass och fir de Wieler net ëmmer ganz einfach nozevollzéien.

Och fir d'Kandidaten ass et schwiereg e puer Woche mussen op e Resultat ze waarden, well d'Unzuel vun de Wieler einfach sou grouss ass.

Mir mussen eis och Gedanke maachen iwwert d'Opdeelung vun de Gruppen. Dat hat an sech och de leschte Comité vun der CSL als Recommandatioun festgehalen, dass dat misst kuerzfristeg no Wale gekuckt an iwwerschafft gin.

Mir hoffen dass mer eis do zäitno kënnen zesummesetzen fir doriwwer ze schwätzen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

Dir sidd, wann ech dat dierf sou soen, d'Resultat vun der gréisster demokratescher Wal zu Lëtzebuerg. 616.758 Wieler waren opgeruff fir ze wielen.

Vun hinnen hunn der 210.384 gewielt, 34,1%. Domadder ass d'Walbedeelegung ropgaangen, nodeems se béi deenen Wale virdrun erofgaangen ass.

Et ass wichteg dass mer den Negativtrend gestoppt hunn. Mee et bleift an deenen nächste Joren en Challenge an eng Aufgab fir d'CSL, dass mer d'Walbedeelegung 2029 weider eropdreiwen.

Do ass et natierlech eng Aufgab vun eis fir d'Aktivitéite vun der CSL nach méi bekannt ze maachen a fir d'Wieler méi ze iwwerzeegen dass et wichteg ass hier Stëmm ofzeginn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

et freet mech besonnesch, dass den Undeel u Fraen an der Plénière staark zougeholl huet. No der leschter Wal waren an der Plénière vun der CSL 21 Fraen an 39 Männer ; haut si mer zu 25 Fraen a 35 Männer.

Dat ass ëmmerhin nach eng Kéier eng Steigerung vun 19% a weist datt mer weider um richtege Wee sinn, nodeems di leschte Kéier schonns d'Unzuel u Fraen ëm 40% eropgaange war.

Beim Undeel vun de Frontaliers'en stelle mer elo eng Stagnatioun fest : sou wéi leschte Kéier sinn 17 Frontaliers'en an d'CSL gewielt ; nodeems béi deene leschte Wale bal eng Verdueblung stattfonnt hat.

Et ass wichteg dass d'Frontaliers'en gutt an der Plénière representéiert sinn, well dat och en Zeechen no baussen ass fir ze weisen, dass eis Chamber d'Interesse vun all de Salarié'en zu Lëtzebuerg vertrëtt. Ech kommen herno nach doropper zréck.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

27 vun iech sinn neigewielt a waren an der leschter Sessioun net derbäi.

Dir sidd eng bont Mëschung aus jonk an al vun 33 bis 85, aus Fraen a Männer, aus deene verschiddenen ekonomesche Secteuren an an der Pensioun, Frontaliers'en a Résidents'en, 6 verschiddenen Nationalitéiten : 34 Lëtzebuerger, 9 Belsch, 8 Fransousen, 7 Portugiesen an 1 Italiener an 1 Däitsch.

Dir sidd di éischte Plénière déi och vun den Demandeurs d'emploi a vun den Apprenti'en matgewielt gouf.

Dir sidd lo Member an enger Institutioun déi d'Interesse vun der schaffende Leit, vun de Rentner, de Chômeurs'en an den Apprenti'en vertrëtt, egal wou se wunnnen an egal wat hier Nationalitéit ass. Dat ass eng wichteg an eng nobel Aufgab.

- D'CSL ass niewent de Gewerkschaften d'Sproochrouer vun deene Leit. A setzt iech fir hier Rechter an.

- D'CSL ass agebonnen an der Gesetzgebungsprozedur. A mir ginn en Avis zu alle Projet'en déi d'Interesse vun eise Resortissants'en direkt oder indirekt beréieren.

- D'CSL huet och d'Méiglechkeet selwer Propositions de loi ze maachen déi och musse vun der Regierung diskutéiert ginn an un d'Députéiertechamber weidergeleet ginn.
  Den Aarbechtsminister huet eis d'ailleurs schonns an enger Réunioun gesot dass dat an Zukunft géif méi seriö gemaach ginn wéi an deene leschte 5 Joer.

- D'CSL hëlleft de Gewerkschafte mat Analysen an Etuden a Gremie wéi der Tripartite, dem Conseil économique et social oder dem CPTE.

- D'CSL ass ee vun der Akteuren an der Beruffsausbildung an ee vun de gréissten Offreuren vu Weiderbildung fir di schaffend Leit an och fir d'Rentner. An och, an Zesummenaarbecht mat der EST och fir d'Personaldélégéiert.

- D'CSL mécht eng aktiv Informatiounspolitik mat ganz villen Brochuren fir d'Leit iwwert hier Rechter op der Aarbecht, an der Sécurité sociale oder béi de Steieren opzeklären. Plus Konferenzen.

Bref, d'CSL ass e wichtegen Acteur an der politescher Landschaft zu Lëtzebuerg.

Mee dir wäert iech sécher eng ganz Rei Froe stelle wat dat lo alles genau bedeit a wéi dat fonctionéiert. Ech kann iech berouegen, dir kritt dat alles am Detail erkläert an eng ganz Rei Erklärunge kritt der schonns an der nächster Plénière den 1. Juli um 14.30 Auer hei am Gebai.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Ech gi lo net op all di Saache méi am Detail an déi d'CSL mécht. Erlaabt mer awer e puer Dossier'en ervirzehiewen déi eis wäerte beschäftegen a wou mer an deenen nächste Wochen a Méint sécherlech genuch Geleeënheeten kréie fir driwwer ze schwätzen.

Fir eis Aarbechten ze organiséiere ginn di verschidden Dossieren an Avis'en déi mer diskutéieren an Aarbechtskommissiounen opgedeelt déi vun der Plénière agesat ginn.

Mir wollten dem Comité an der Plénière proposéiere fir di aktuell Kommissiounen bäizehale plus 2 neier ze grënne fir méi am Detail op verschidde Problematiken anzegoen.

Am Moment hu mer

- eng Commission aux affaires économiques, fiscalité et politique budgétaire
- eng Commission aux affaires sociale, sécurité et santé au travail et environnement
- eng Commission de la formation professionnelle et formation continue
- eng Commission aux affaires européennes et interrégionales an
- e Comité à l'égalité den sech mat der Gläichstellung vu Männer a Frae befaasst.

D'Opdeelung vun de Leit op di verschidde Kommissiounen huet béi de Gewerkschafte schonns stattfonnt, Mee all Sitzungen si fir all Mënsch op. Sou wéi dat bis lo och de Fall war.

Eng vun den 2 neie Kommissiounen déi mir wéilte proposéiere wier eng Commission du travail frontalier.

Hei wieren d'office all d'Frontaliers'en dra vertrueden. Mee och hei dierf jiddereen un de Sitzungen deelhuelen.

Well mir wëllen eis och eng Visibilitéit sinn, datt mir déi Institutioun wou och d'Frontaliers'en vertrueden an déi Sujeten och spezifesch thematiséieren déi si betreffen.

Sief dat duerch di Lëtzebuerger Regierung wéi zum Beispill duerch d'Gesetzgebung iwwert d'Kannergeld, sief et duerch d'Nopeschregierungen oder Administratiounen, duerch europäesch Reegelungen oder einfach och duerch d'Distanz par rapport zu der Schaff.

Déi zweet nei Kommissioun wier eng zum Vieillissement démographique. Well och dat läit eis um Häerz. Well wéi mir hei banne wëssen och wa mir Chambre des Salariés heeschen, vertriede mer och d'Retraité'en.

An d'Alterung vun der Bevëlkerung bréngt natierlech eng Rei Erausfuerderunge mat sech, mee och eng ganz Rei Chancen. Wéi geet eng Gesellschaft mat de Senioren em?

Si kënnen e wichtegen Wirtschaftsfacteur sinn duerch de Besoin un neien Infrastrukturen, un neie Produit'en an natierlech och um Niveau vun der Beschäftegung. Stéchwuert Silver Economy.

An si musse natierlech och berücksichtegt ginn am Kader vun der digitaler Transitioun, dass et net do zu enger Fracture numérique kënnt, grad sou wéineg wéi et dierf zu enger Fracture numérique kommen tëschent aarm a räich.

Kolleginnen a Kollegen,

Mir sinn an Zäite vun engem Wandel. D'Welt ännert, d'Aarbechtswelt ännert ganz séier a mir mussen déi digital an ekologesch Transitiounen sou sozial gestalten dass keen op der Streck bleift.

Ee wichtege Volet dovun ass natierlech d'Formatioun.

Mir mussen a mir wäerte sécherlech eis Offer an der Formatioun ausbauen.

Dat op allen Niveau'en :

an der Formation continue, also an eiser eegener Offer am LLLC,

an der Formation syndicale fir eis Delegéiert

an natierlech musse mer eis och als CSL asetzen an der Beruffsausbildung fir dass di Programmer fir d'Apprenti'en systematesch moderniséiert ginn.

Mir mussen eis do natierlech déi néideg Moyen'en ginn, och op all Niveau : qualitativ gutt Formatioune brauche gutt Infrastrukturen, brauchen e gudden Encadrement a brauchen natierlech Zäit.

Et ass e Recht fir all Salarié opgrond vum europäesche Sockel vun de soziale Rechter fir di néideg Weiderbildung ze kréien. Mir mussen dat endlech zu Lëtzebuerg ëmsetzen. Mir si wäit ewech vun den Ziler déi mer eis do gesat hunn.

An duerfir muss gehandelt ginn. De Congé individuel de formation wéi en haut existéiert geet béi wäitem net méi duer.

Et geet einfach net méi duer fir dauernd a Sonndesrieden ze soe wéi wichteg d'Formatioun ass fir jiddereen, da musse mer och duerfir suergen datt d'Leit d'Zäit an d'Suen kréie fir se ze maachen.

Weder vu Patronatssäit, nach vu Regierungssäit ass den néidee Wëllen do fir di Instrumenter en place ze setzen. Dat ass eng leider eng zimmlech kuerzfristeg Vue.

Wéi gesot eis Offer wäerte mer och ausbauen an notamment an deene Beräicher wéi zum Beispill an der Intelligence artificielle, béi de Risques psychosociaux déi ëmmer méi zouhuelen oder och an den Energies renouvelables.

An dem Kontext vun der Formatioun fir d'Delegéiert wollt ech och lo profitéiere fir dem Minister an der Equipe vun der EST Merci ze soe fir di gutt Zesummenaarbecht. Mir wäerten do deemnächst den neie Formatiounsprogramm virstellen, wou och alleguer d'Delegéiert invitéiert ginn.

Fir de Personalvertrieder hier Aarbecht ze erliichtere setze mer an deenen nächsten Deeg e Centre de documentation online. Dat ass eng Datebank wou se all di aktuell Gesetzestexter fannen déi se brauchen, och Kollektivverträg, Accord interprofessionnels an och eng ganz Rei utile Jurisprudenzen. An natierlech och d'Publikatioune vun der CSL, déi op méi eng einfach Aart a Weis kënnen hëllefe fir di Texter besser verständlech ze maachen.

A Weiderbildung a Sensibiliséierung maache mer jo och iwwert de Wee vun ëffentleche Konferenzen. Lo ganz rezent zum Beispill e Colloque zesumme mat der Uni a mer LISER iwwert d'Geschicht vun den Inégalitéiten zu Lëtzebuerg, eng immens interessant a léierräich Veranstaltung.

Ech denken dass mer di Zesummenaarbecht mat der Uni a mam LISER a verschiddenen Beräicher onbedéngt musse weiderféieren, well se eis et och erlaabt eis Fuerderunge wëssenschaftlech ze ënnermaueren.

An zwee Deeg ass och lo eng Oweskonferenz iwwert d'Qualitéit vun der Aarbecht am Kader vun 10 Joer-Quality of Work a fir den Hierscht sinn och schonns weider Konferenzen zum Thema Intelligence artificielle an och zur neier europäescher Gouvernance économique geplangt.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

di europäesch Dossier'en virun allem am sozialen an am wirtschaftleche Beräich, y compris de ganze budgetäre Volet, sinn natierlech vu gréisster Wichtegkeet fir eis. Duerfir musse mer eis am Hierscht och am Detail mat deenen neien europäesche budgetäre Reegele befaassen a kucke wéi se zu Lëtzebuerg ëmgesat ginn.

Des Reegelen hunn an deenen leschte Jore vill Misär gemaach, an et kann net sinn dass mer  eis zu Lëtzebuerg nach en zousätzlech Carcan operlee'en wéi dat schonns vum Finanzminister ugekënnegt gouf.

Well mir mussen eis einfach d'Moyen'e gi fir eis op d'Zukunft virzebereeden an eis net selwer ze blockéiere fir di néideg Investissementer an d'Ëmwelt, an d'Gesondheet, an d'ëffentlech Déngschter, an digital Transitioun asw. ze finanzéieren.

D'Steiere wäerte sécher och e grousst Thema vun eisen Avis'en bleiwen, d'autant plus dass d'Regierung jo och eng Steierreform ugekënnegt huet. Mir hunn an der Vergaangenheet schonns oft di grouss Inegalitéiten am Beräich vum Lëtzebuerger Steiersystem thematiséiert.

A mir wäerten eis och an Zukunft fir méi Steiergerechtegkeet asetzen. D'Inegalitéiten sin héich zu Lëtzebuerg, dat ass net nëmmen, mee awer och duerch eisen ongerechte Steiersystem.

Mir hunn dat an eisem Panorama social dee mer all Joer rausbréngen an dee mer sécher och an deenen nächste Jore wäerte rausbréngen, gewisen dass de Lëtzebuerger Steiersystem ee vun deenen am mannste progressiven ass an Europa ass wat d'Revenu'en betrëfft.

A wann een dann och nach bedenkt dass d'Kapitalerträg a de Patrimoine selwer praktesch guer net besteiert ginn, da brauch ee mengen net weider sichen ze goen.

Déi Situatioun ass awer op Dauer intenable, d'autant plus wa mer, wéi virdru gesot, eis di néideg Moyen'en wëlle ginn fir eis ekologesch an digital op d'Zukunft virzebereeden.

Ech fäerten dass d'Inegalitéiten eis och an deene nächste Jore wäerten op héijem Niveau begleeden, wa mer net e puer drastesch Mesuren huelen. Sief dat béi de Steieren, sief dat béi de Sozialtransferten.

D'Kanneraarmut ass héich, ze vill héich, vill ze vill héich. All 4. Kand zu Lëtzebuerg ass dem Aarmutsrisiko ausgesat. Dat ass inakzeptabel. An et geet ganz einfach: d'Kannergeld muss strukturell erhéicht ginn. Et geet net duer. Dat gesäit een och wann een et mam Budget de référence fir Kanner den de Statec opgestallt huet vergläicht.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

och d'Altersaarmut zu Lëtzebuerg huet an deene leschten 10 Joer staark zougeholl. Déi Entwécklung ass beonrouegend an dierf net sou viru goen. An duerfir muss eise Rentesystem consolidéiert ginn. Di Verschlechterungen déi am Gesetz vun 2012 drasti musse rëm erausgeholl ginn.

Si féieren derzou dass e Rentner mat enger Duerchschnëttsrent tëschent 300.000 a 400.000 Euro manner krit op seng ganz Rentecarrière wann en 2052 a Pensioun geet wéi wann en 2013 gaange wier.

Dat ass also di Reform vun 2012 déi anscheinend fir di Jonk vun haut war an sou soll et och nach virugoen ? Bonjour les dégâts!

Duerfir wann et géif finanziell Schwieregkeete géif ginn, wat jo awer nach an de Stäre steet, da musse mer d'Recetten héijen an net d'Pensiounen nach weider verschlechteren.

An d'Mindestrent muss souwisou strukturell erhéicht ginn. Och si ass wäit ënnert dem Budget de référence fir eeler Leit.

Op kee Fall dierf et also zu weidere Verschlechterunge béi de Pensioune kommen. Mir wäerten eis och an de Gewerkschaften dergéint wieren.

An d'CSL ass och am gaangen en Dossier opzestelle mat allen Argumenter déi mer brauche fir eis géint Mesuren déi an di falsch Richtung géife goen ze wieren. Sécherlech sinn d'Renten also och e wichtegen Dossier den eis an deenen nächste Méint wäert beschäftegen.

Och d'Aarbechtskonditiounen, d'Qualitéit vun der Aarbecht ass a bleift natierlech e Sujet, leider en ëmmer méi wichtege Sujet, well d'Resultater vun eisem Quality of Work Index dee mer mat der Uni opstelle sinn an deene leschte Joren net berauschend, éischter beonrouegend.

An ech denken och do musse mer onbedéngt politesch aktiv ginn an och legiferéieren fir d'Risques psychosociaux besser an de Grëff ze kréien sou wéi dat am Ausland de Fall ass. Och d'Patronat dierf do net weider nokucken an déi Entwécklunge rofspillen. D'Aarbecht dierf net krank maachen, dat ass d'ailleurs och ekonomesch sënnvoll.

Et dierf duerfir och net zu weidere Flexibiliséierungen am Aarbechtsrecht kommen an all Diskussioune musse mat de Gewerkschafte gefouert ginn fir d'Leit ze schützen. D'Aarbechtsrecht ass do fir d'Leit ze schützen, net fir kompetitiv ze sinn oder Aarbechtsplazen ze schafen.

D'ailleurs war et jo lo wierklech an deene leschten Joren zu Lëtzebuerg net e Problem dass net géife vill Aarbechtsplaze geschaf ginn. Sou schlecht kann d'Aarbechtsrecht d'un point de vue patronal also net sinn...

Logement a Klimapolitik bleiwen och op eiser To do - Lëscht.

Leider ass et sou, dass mer an deenen zwee Dossier'en enttäuscht sinn vun den Ukënnegungen lescht Woch am état de la nation.

Am Logement geet et sou weider wéi bis lo. Kee Paradigmewiessel a Sicht fir dee wierklech fundamentale Problem unzegoen : d'Koncentratioun an d'Zréckhale vun Terrain'en, oft vun Terrain déi kéinten direkt bebaut ginn wann se géifen op de Marché kommen.

De Logement als e Spekulatiounsobjet vun e puer Famillen an e puer Promoteuren. Dat dierf einfach net sou weidergoen, dass di Happy few sech op Käschte vun der Allgemengheet beräicheren. An do musse mer um Ball bleiwen, mat weideren Analysen, och do schaffe mer mam LISER zesummen, mat Argumenter, mat Iwwerzeegungsaarbecht a mat politeschem Drock.

Och d'Klimapolitik muss ee weider kritesch kucken. Wat mer do héieren hunn ass lo net dee grousse Worf, mee éischter e Spuerpak. Subventioune fir Photovoltaik rof. Fir Elektroautoe rof, an d'Investissementer déi an deenen nächste Jore real solle rofgoe laut Budget pluriannuel. Dat ass lo net onbedéngt eng ambitiéis Klimapolitik.

Mir wäerten an eise Kommissiounen natierlech am Detail op di annoncéiert Projet'en agoen an eis am Détail domadder befassen.

Sou, Kolleeginnen a Kolleegen,

ech hu lo kuerz e bëssen en Tour gemaach vu verschiddenen groussen Dossier'en, natierlech net vun allem. Ech sinn och op e puer Saachen a Projet'en agaangen déi schonns am gaange sinn oder déi mer wëllen als CSL realiséieren.

All di Saache ginn elo zesummen diskutéiert an eise Reuniounen a mir freeën eis op ären Input an drop dass jiddereen seng Iddie mat abréngt.

Ech freeë mech op di nächst Wochen a Méint fir dat mat iech zesummen ze maachen, fir zesummen ze diskutéieren an eis Cause no vir ze bréngen.

Richteg lassgoe wäerten eis Aarbechten am Hierscht, dir kritt och deemnächst en Agenda mat den Datumer vun de Sëtzungen, och wann et méiglech ass dass mer lo nach musse kuerzfristeg aus Zäitgrënn den een oder aneren Avis virum Summer evakuéieren.

Ech soen iech nach eng Kéier Merci fir äert Vertrauen a lueden iech elo schonns a fir herno an der Brasserie hei niewendrun, e Patt ze drénken an e Maufel z'iessen.

Ech bieden iech awer nach fir d'éischt, och den Här Minister, fir mat an deen aneren Deel vum Gebai ze komme fir eng gemeinsam Foto vun der neier Plénière an och vum Comité a vun deene verschiddenen Fraktiounen, ze maachen.

Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn d'Wuert zréck un de Minister Georges Mischo.